ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 27. Juni 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch, un den Här Aarbechtsminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et ass evident, datt Industriebetriber reegelméissege Kontrolle mussen ënnerworf sinn, fir esou sécherzestellen, datt gesetzlech Virgaben an Normen am Hibléck op den Natur-, Ëmwelt- a Gesondheetsschutz respektéiert ginn. Och am Beräich vum Kaméidischutz sinn Normen anzehalen. Leider héiert een dacks, datt dës Kontrollen net optimal fonctionnéieren, sief dat wéinst engem Manktem u Personal oder awer well d'Kontrolle virdrun ugekënnegt sinn, sou datt d'Kontrolleren dee Moment e Bild kréien, wat net der Realitéit entsprécht an/oder verfälscht ka sinn.

An dësem Kontext géif ech Iech bieden, mir déi folgend Froen ze beäntwerten:

1. Wéi vill Leit sinn zu Lëtzebuerg an dëse Kontrollorganer am ganze beschäftegt ?
2. Wéi sinn dës Kontrollorganer jee no Zoustännegkeetsberäich opgedeelt ?
3. No wat fir engem System gëtt séchergestallt, datt Industriebetriber ronderëm d'Auer a mat der néideger Effizienz op d'Anhalen vu gesetzlechen Normen a Virgabe gepréift kënne ginn?
4. Wéi vill fix Anlage sinn zu Lëtzebuerg installéiert, déi d'Anhale vu Normen a Virgaben – speziell am Hibléck op d'Loftverschmotzung an de Kaméidi – préiwen? Préiwen dës fix Anlagen ronderëm d'Auer oder just periodesch?
5. Wéi vill mobil Kontrolle ginn am Schnëtt an engem definéierten Zäitraum (sief dat pro Dag, pro Woch oder pro Mount) duerchgefouert?
6. Ass et üblech, datt Industriebetriber virun de Kontrollen avertéiert ginn? Wa jo, firwat ass deem sou a wéi kann an Zukunft séchergestallt ginn, datt dës Industriebetriber net méi avertéiert ginn, fir datt sech kee verfälschte Bild vun de Kontrollen ergëtt?

ADR Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

7. No wat fir engem System gëtt séchergestallt, datt d'Kontrollere mat de néidegen Apparater ausgerëscht sinn, fir kënnen Schuedstoffbelaaschtungen (z.B. Dioxin oder Flurane) effizient a korrekt ze moossen?
8. No wat fir engem System gëtt séchergestallt, datt Industriebetriber och gesetzlech Virgaben an Normen am Hibléck op d'Belästegung duerch de Kaméidi anhalen? Ginn och an deem Beräich ronderëm d'Auer Kontrollen duerchgefouert?
9. Gesäit d'Regierung am Hibléck op d'Kontrolle vun den Industriebetriber a punkto Ëmwelt a Kaméidi Verbesserungspotential? Wa jo, wéi wëll d'Regierung konkret virgoen, fir deem Rechnung ze droen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten